JANUAR 2015

GRÉNG NEWS

déi gréng

DÉI GRÉNG RÉIMECH

> DÉI GRÉNG RÉIMECH ZÉIEN EN ÉISCHTEN TËSCHEBILAN

INVITATIOUN NEIJOARSPATT 2015 - MËTTWOCH, DEN 21. JANUAR 2015 UM 19H30

DÉI GRÉNG RÉIMECH
ÉISCHTEN TËSCHEBILAN

Déi gréng Réimech zéien no 3 Joar en éischten Tëschebilan. A gouder, konstruktiver Zesummenaarbecht mat isem Koalitiounspartner konnte schonns eng ganz Rei Projeten an Ugrëff geholl respektiv ofgeschloss ginn. Hei stelle mir lech der puer dovu vir.

Mir sti fir eng oppen, transparent a biergerfrëndlech Gemeng

- d'Ëffnungszäiten vun der Gemeng goufen ugepasst fir de Bierger a Biergerinnen entgéint ze kommen
- Gemengeninformatiounen gi regelméisseg publizéiert
- de Schäfferot steet fir Biergerspriechstonnen ze Verfügung

D'Kanner an déi Jugendlech, ons Zukunftsträger, hunn eng grouss Prioritéit

- fir is Kanner gëtt den Aus- an Neibau vun der Maison Relais realiséiert
- eng nei Spillplaz am Schoulhaff vum Gewännchen gouf geschafen, déi weider ausgebaut an amenagéiert gëtt
- d'regional Eltereschoul Janusz Korczak gouf agefouert
- zesumme mat der Jugend gëtt d'fräi Plaz virum Jugendhaus nei belieft

D'Klima an d'Ëmwelt ass e ganzt wichtegt Thema.
Mir hunn ons all déi Joeren konsequent dofir agesat.

- déi kantonal Energiecampagne gëtt weidergefouert
- eng Fotovoltaikanlag op engem Gemengegebäi gouf private Leit ze Verfügung gestallt
- Réimech huet de Klimapakt mam Staat ënnerschriwwen an ass eng Pestizid an OGM fräi Gemeng ginn
- fir de Bierger eng besser a manner kalekhalteg Qualitéit vu Waasser kënnen ze liwweren, huet d'Gemeng sech dem Waassersyndicat SIDERE ugeschloss

Eng nei Dynamik am Beräich vum Tourismus an der Kultur gouf erreecht.
E grousst Uléies fir is ass, datt Réimech d'Pärel vun der Musel bleift.

- e Konzept fir d'Vermaarktung gouf mat professionneller Ënnerstëtzung opgestallt a gëtt nach weider ausgebaut. (Kanneranimatiounen, Concerten, ...)
- nei Bänken, Drecksbacken a Blummekiwwelen esou wéi eng Fräiliichtausstellung sinn opgestallt ginn
- d'Neigestaltung vun der „Gare Routière" ass an der Planung
- d'Realiséierung vun engem Camp Car Parking ass an der Aarbecht

Wunnengsbau an der Gemeng, eng Aufgab, déi mir konsequent ugepaakt hunn.

- fir Sozialwunnenge kënnen ze schafen, goufen Häiser kaaft, an um Terrain vun der fréierer Ponts et Chaussées entsteet erschwéngleche Wunnraum duerch de Fonds de Logement
- fir ënnert der Fiederféirung vun der Gemeng en neit Wunngebitt „um Gewännchen" ze erschléissen, goufen déi éischt wichteg Schrëtt mat Succès ofgeschloss

Mir wënschen is eng lieweg Uertschaft, wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit an héijer Liewensqualitéit matenee verbonne kënne ginn. Dofir stellen d'Mobilité Douce, e performanten ëffentlichen Transport an eng grouss Verkéiersséicherheet eng absolut Prioritéit duer.

- d'Aféierung vun enger éischter Tempo 30 Zone konnt ronderëm d'Schoul bis ënnen a Réimech realiséiert ginn
- fir méi Sécherheet vun de Foussgänger ginn an nächster Zukunft Zebrasträife kontinuéierlech optimal beliicht
- 3 nei Buslinen (N°155, 156 & 159) sinn zousätzlech agefouert ginn an eng Busspur entsteet an der „route de l'Europe"

Mir wiere frou, och weiderhin op Är konstruktiv Mataarbecht an Ënnerstëtzung zielen ze kënnen. **Henri Kox**

déi gréng

de Mëttwoch, den 21. Januar 2015 um 19.30 Auer
invitéieren déi gréng Réimech op den Neijoarspatt 2015
a Präsenz vum Carole Dieschbourg, Ëmweltministesch

Rendez-vous ass zu Réimech an der « Al Schoul »

1, rue Neuve, L-5501 Remich

déi gréng Remich vous invitent à leur Pot du Nouvel An
Mercredi, le 21 janvier 2015 à 19h30 à Remich « Al Schoul »

- **Henri KOX, Buergermeeschter**
- **Marianne BEISSEL, Jean-Paul WILTZ, Martine GEIMER, Gemengeconseilleren**
- **Carole DIESCHBOURG, Ëmweltministesch**

Henri KOX

Marianne BEISSEL

Jean-Paul WILTZ

Martine GEIMER

Carole DIESCHBOURG

Chères citoyennes, chers citoyens,
La section locale déi gréng Remich aimerait vous renconter. Nous espérons pouvoir vous accueillir lors de notre Pot du Nouvel An le mercredi, 21 janvier 2015 à 19.30 à Remich "Al Schoul", en présence de Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement.

Léif Biergerinnen a Bierger,
Mir wiere frou, fir mat lech a Kontakt ze trieden.
Hutt dir Froen un is oder wëllt Dir iwwer gewëssen Themen mat is diskutéieren, da kommt op isen Neijoaerspatt. Mir freeën is op lech.

DÉI GRÉNG RÉIMECH

KONTAKT :
HENRI KOX
HKOX@CHD.LU

WWW.GRENG.LU/REMICH